



N°7105
Entrée le 31.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.10.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleden.

De Staat besëtzt aktuell ronn 1600 Gebaier a lount der 210, wéi d'Ministeren op meng parlamentaresch Fro n°6546 geäntwert haten. Och dës Gebaier mussen nach fir d'Energietransitioun prett gemaach ginn, zum Beispill duerch d'Installatioun vun Elektroboren.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Parkplaze fir Autoen a Stellplazen fir Vëloen sinn an de Gebaier, déi de Staat besëtzt oder louhnt?
2. Wéi vill Gebaier vum Staat sinn aktuell mat enger Luetstatioun fir Elektroautoen equipéiert?
3. Wéi vill Luetstatiounen sinn insgesamt bei de staatleche Gebaier installéiert? Wéi huet sech dës Zuel iwwer d'Joren 2014, 2018 an 2022 entwéckelt?
4. Wéi vill vun de Luetstatioune bei staatleche Gebaier lueden aktuell mat Solarstroum?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten



www.piraten.lu